N°144
Entrée le 03.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.01.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

An der Seance publique n° 8 vum 20ten Dezember 2023 ass de Gesetzesprojet 8343 gestëmmt ginn. Duerch dëse Vote vun der Chamber gëtt de Steierbarème am Januar 2024 ëm 4 Indextranchen ugepasst. Duerch dës Upassung sinn d'Berechnung vun de Steier-Avancë fir d'Joer 2024, déi nach op de Jore virdrun opbauen, net adaptéiert. Konkret bezuelen déi betraffe Leit ze héich Avancen, obwuel hinne bewosst ass, dass se duerch dës Adaptéierung manner bezuele missten. E proaktiivt adaptéiert Zréckbezuele géif Strofzënse mat sech bréngen an ass domat och net wierklech eng envisagéierbar Optioun. Et stellt sech also d'Fro wéi een déi betraffe Bierger kann ënnerstëtzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ginn et Iwwerleeungen säitens dem Ministère d'Steier-Avancë vun de betraffene Leit nei ze berechnen an hinnen nach am éischten Trimester 2024 eng passend Kommunikatioun ze schécken?

2. Falls nee: Ginn et Iwwerleeunge säitens dem Ministère d'Strofzënsen an engem Fall vu proaktivem adaptéierten Zréckbezuelen ze annuléieren?

3. Falls nee: Net adaptéiert Steier-Avancë féieren héchstwarscheinlech zu méi héije Réckbezuelungen un déi betraffe Stéit. Wéi ee Montant ass fir dëse konkrete Kontext am Budget virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten